



Sommaire

1. Communications
 - M. le Président
2. Changements de composition
 - Changement de composition de la Conférence des Présidents
 - Changements de composition des commissions parlementaires
3. Ordre du jour
 - M. le Président
4. 6350 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2012
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Gilles Roth

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler, Mmes Octavie Modert, Françoise Hetto-Gaasch et M. Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Luc Frieden,** *Ministre des Finances.*- Neen, Här President.

1. Communications

► **M. le Président.**- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) Fir d'Éischt ass d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerter um Bureau déposéiert.

2) Da goufe folgend Projeten an der Administration parlementaire déposéiert: de 15. November vum Ausseminister de Projet de loi 6363, eng Konventioun mat Bosnien-Herzegowina iwwert d'Sécurité sociale; de 17. November vun der Erzéiungsministesch de Projet de loi 6364 iwwert d'Schafe vun engem Lycée technique zu Réiden; dann de Projet de loi 6365 iwwert d'Schafe vun engem Sportslycée; deesewechechen Dag vum Finanzminister de Projet de loi 6366 iwwert den Family Office; den 18. November vum Nohaltegeektsminister de Projet de loi 6367 iwwert de Kaméidi; den 22. November och vum Nohaltegeektsminister de Projet de loi 6368 iwwert d'Rechter an d'Flichte vun den Zuchbenotzer; deesewechechen Dag vum Wirtschaftsminister de Projet de règlement grand-ducal 6369 iwwert d'Benennung vun Textiler an de Projet de règlement grand-ducal 6370 iwwert d'Analysmethode vu Mëschtextiler; den 23. November vum Héichschoulminister de Projet de loi 6371 iwwert d'Organisatioun vun der Héichschoul; den 29. November vum Aarbechtsminister de Projet de loi 6373, eng Ofännerung vum Code du Travail; a schliesslech den 30. November vum Aarbechtsminister de Projet de loi 6374, eng weider Ofännerung vum Code du Travail.

Communications du Président - Séance publique du 6 décembre 2011

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et les projets de règlement grand-ducaux suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

6363 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Bosnie-et-Herzégovine en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 8 avril 2011

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 15.11.2011

6364 - Projet de loi modifiant la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert

Dépôt: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 17.11.2011

6365 - Projet de loi portant création du Sport-lycée

Dépôt: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 17.11.2011

6366 - Projet de loi relative à l'activité de Family Office et portant modification de:

- la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier,

- la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 17.11.2011

6367 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit

Dépôt: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures, le 18.11.2011

6368 - Projet de loi déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (CE) n°1371/2007 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 sur les droits et obligations des voyageurs ferroviaires

Dépôt: M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 22.11.2011

6369 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 21 mai 1999 relatif aux dénominations textiles

Dépôt: M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 22.11.2011

6370 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 1^{er} août 2001 relatif à certaines méthodes d'analyse quantitative de mélange de fibres textiles

Dépôt: M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 22.11.2011

6371 - Projet de loi modifiant la loi du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 23.11.2011

6373 - Projet de loi portant modification du Titre III du Livre IV du Code du Travail

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration, le 29.11.2011

6374 - Projet de loi portant

1. modification de l'article L.211-11 du Code du Travail;

2. modification de la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;

3. modification de la loi modifiée du 11 novembre 2009 1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes; 2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration, le 30.11.2011

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

2. Changements de composition

Changement de composition de la Conférence des Présidents

An der Sitzung vum 16. November hat ech lech matgedeelt, datt de Wiessel an der Présidence vun der DP-Fraktioun vum 29. November un effektiv wier. Mëttlerweil huet d'DP-Fraktioun e Bréif eragereecht, dee beseet, datt d'Ännerung an der Présidence vun der Fraktioun eréischt vun dëser Sitzung un effektiv ass, sou datt dann den Här Claude Meisch eréischt vun haut un den Här Xavier Bettel an der Conférence des Présidents an an der Commission de Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État...

(**Interruption**)

...wäert ersetzen.

Changements de composition des commissions parlementaires

An hirem Bréif vum 29. November huet d'CSV-Fraktioun folgend Ofännerung an der Zesummesetzung vun der Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace virgeschloen: Den Här Serge Wilmes ersetzt den Här Michel Wolter.

Ass d'Chamber mat dëser Ofännerung, wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ugeet, averstanen?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

3. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 23. November huet d'Présidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer d'Presentatioun vum Rapport iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2012.

Muer de Mëtteg um zwou hu mer den Exposé vum Finanzminister iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2012; d'Konte vun der Chamber fir d'Joer 2010, nom Basismodell; d'Resolutioun iwwert d'Konte vun der Cour des Comptes fir d'Joer 2010; d'Resolutioun iwwert d'Konte vum Médiateur fir d'Joer 2010 an de Projet de loi 6293 iwwert d'Konte vum Exercice 2010, nom Basismodell.

En Donneschdeg de Moien um 9 Auer hu mer d'Budgetsdebatten, nom Modell 6. A mëttes um zwou Auer hu mer den Ofschloss vun de Budgetsdebatten an de Vote iwwert de Budget 2012.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi vum Statsbudget fir d'Joer 2012, an dat esou, wéi et am Artikel 109 vum Chambersreglement festgehalten ass. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

4. 6350 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2012

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wuel Niklosdag, awer keng Zäit fir Cadeauen, duerfir e Budget, fir nozedenken.

Mir bewegen eis de Moment an engem schwiege wirtschaflechen a finanziellen Ëmfeld. Dat zielt fir Europa, mä dat gëllt och fir eist Land. D'Chamber huet seelen iwwer e Budget diskutéiert, wou de Verlaf vun der Économie - där nationaler, mä och där internationaler - esou onsécher war, wéi dat dëst Joer de Fall ass.

Jo, tëschent der Opstellung vun eise nationale Budget am fréien Hierscht dëst Joer an dem heitegen Dag, genau zwee Méint duerno, huet sech d'Wirtschafts- a Finanzwelt dramatesch verännert. Beträff ass virun allem Europa. Zënter Oktober si mat Griichenland an Italien gläich zwou europäesch Regierungen op d'Kopp gaangen, Ursach all kéiers eng desastreus Defizit- a Scholdelag vun den öffentleche Finanzen, als Konsequenz ee Spekuléiere vun

de Finanzjongleure géint déi Länner. Dovunner betraff: an engem dramateschen Ausmooss d'Wirtschaft an de sozialen Zesummenhalt. An de Bierger? Jo deen, dee läffelt zum Schluss déi ganz Zopp aus.

Déi ënnerschiddlechste Léisungsweeër ginn - vun Dag zu Dag - vu Sommeten a Mini-Sommeten, vu Stats- a Regierungschefe grad wéi vun europäeschen an internationale Finanzgremien ausgeschafft. Un Effortë feelt et beileiwen net. Et schéngt awer, wéi wa bis ewell nach kee kloert a gemeinsam gedroent Konzept um Dësch géif leien.

Nationalen Houfer, Eegeninteressi vu groussen Nopeschlänner, e Manktum u Solidaritéit sinn un deem Misär net onschëlleg. Eng weider Hoffnung zënter gëschter awer elo: een Duerchbroch beim Sommet vun de Stats- a Regierungschefe vun iwwermuer zu Bréissel. D'Resultat vun deem ganze Schlamassel gesi mir: D'Leit si veronsécher; d'Finanzspekulatioun geet monter virun; déi ekonomesch Welt spillt verréckt. Mä loosse mir deenen anere keng Lektione ginn! Konzentréiere mir eis op eis Hausaufgaben heiheem!

Här President, an Europa wäert de Wirtschaftswuesstum d'nächst Joer zrëckgoen. China erwaart dergéint fir 2012 en Uwuess vun 9% PIB, Indien 8%. Latäinamerika, Japan mat dem Neesopbau no Fukushima, jo souguer d'USA wäerten eng positiv Evolutioun vun hirer Wirtschaft kennen. Vun esou Wirtschaftsprognose kënne mir bei eis de Moment nëmmen dreeën. Mir mussen eis hei am Land gewollt oder ongewollt mat enger wäit aus oncomfortabeler Situatioun ausenanersetzen. Mir dierfen duerfir d'Ae virun der Realitéit net einfach zoumaachen.

2008/2009 si mir laanscht déi deemoleg Bankekris mat engem bloen A dovokomm. Dës kéier ass d'Situatioun wäit aus méi ongewëss. Mir mussen dat eescht huelen, ouni awer a Panik ze verfalen.

An den eenzelne Secteure vun eiser Économie huet sech zënter dem Summer schonn e gewëssenen Abroch ofgezechecht. Déi lescht Konjunkturdate vum Statec soen, dass de Finanzsecteur insgesamt sech iwwert d'Joer 2011 emol guer net esou schlecht gehalten huet. Mä am Beräich vun der Fongenindustrie hu mir, trotz enger lichter Reprise iwwert den Oktober, een Abroch vu 5%. Grond: déi net grad roseg Bourssenevolutioun zënter dem August.

An der Industrie - dës kéier där richteger - geet et manner gutt. Grond si restriktiv Budgetspolitike virun allem a Südeuropa, wouduerch eis grouss Industriebetriber manner Ofsaz hunn, besonnesch am Stolberäich.

Dem Bau geet et hei am Land erstaunlecherweis gutt: eng Progressioun vun insgesamt 3% géigeniwwer dem Virjoer. Et goufe global 20% méi Baugenehmegungen erstallt. D'Nofro hält besonnesch bei Privathaiser zou.

Den Einzelhandel huet zënter dräi Méint en zolitte Réckgang. Hei spillt eng Onsécherheet beim Verbraucher. Autosumdunge gëtt et der 1% manner wéi 2010, däitlech ënner engem Wuesstum vun 11% an Däitschland. D'Luxair verzechecht eng zolidd Steigerung vun 10% iwwert déi lescht aacht Méint. D'Carlogux dergéint verléiert 3% am Géigesaz zu aneren internationale Fret-Gesellschaften.

D'Inflatioun an der Eurozon beweegt sech tëschent 2 a 4%; hei am Land fir dëst Joer bei 3,2% an d'nächst Joer bei geschaten 2,3%. D'Inflatioun geet also konjunkturbedéngt zrëck.

De Chômage, jo, dee läit 2011 hei am Land bei ronn 6% an dierft d'nächst Joer an d'Luucht goen. D'Beschäftegung geet erstaunlecherweis dëst Joer ëm 3% an d'Luucht. 45% vun den neie Plaze ginn duerch Frontaliere besat. Dësen Taux geet awer zrëck. Bis d'lescht Joer ware praktesch zwou vun dräi Plazen, déi duerch Frontaliere besat goufen.

An den éischte sechs Méint hate mir 458 Failliten. 1.500 Leit hunn dobäi hir Plaz verluer. De Chômagetaux wäert d'nächst Joer bei eis méi héich si wéi an Däitschland. An Eisträich gëtt et den niddregste Chômagetaux an der EU mat 3,9%. An dann zum Schluss de faméise Coût salarial moyen, mä dee wäert dem Statec no 2012 d'selwecht wéi an den Nopeschlänner verlafen.

Här President, zur Finanzsituatioun vun dem Stat. Mat dem Hannergrond vun dëser Wirtschaftsdage musse mir déi finanziell Situatioun vum Stat bewäerten.



Eis Finanzsituatioun ass net esou dramatesch wéi an aneren EU-Länner. Lëtzebuerg ass niewent Estland a Finnland ee vun deenen dräi EU-Memberstaten, déi d'Maastricht-Kritären erfëllen. Mä mir däerfen eis öffentlech Finanzen awer duerfir net einfach schéirieden. Mir däerfen d'Hänn net einfach an de Schouss leeën. Mir müssen der Realitéit an d'Ae kucken.

Déi däischter Reewolleken um europäesche Finanz- a Wirtschaftshimmel zéien dës Kéier bei eis net einfach laanscht. Wou sti mir dann elo mat eise Finanzen?

Bei de gesamt öffentleche Finanzen, d'Zuelen, déi mir op Bréissel schécken, hu mir zënter 2009 een Defizit. Dat waren 2009 337 Milliounen, 2010 427 Milliounen, fir 2011 dierft et e Minus vu ronn 250 Milliounen Euro ginn a fir 2012 ass dem Budget no den Defizit op 329 Milliounen Euro ageschat, viraussiichtlech 0,7% vun onsem Bruttoinlandsprodukt. Erlaabt no Bréissel: en Defizit vun 3%.

Dat schéngt op deen éischte Bléck jo nawell guer net esou schlecht. Mä et ass u sech awer nëmmen déi hallef Wourecht. Zu eise gesamt öffentleche Finanzen zielt niewent de Gemengen och d'Resultat vun eise Sozialversécherungen. Abee do, an entgéint deem, wat ëmmer gemengt gëtt, hu mir de Moment en zolitten Iwwerschoss.

Mä opgepasst! An der Lescht koumen all Joer ronn 10.000 Aarbechtsplazen derbäi. Doduerch komme méi Cotisatiounen eran, wéi Leeschtunge musse bezuelt ginn. Eis Sozialversécherunge verschéineren deemno eise gesamt öffentlechen Defizit ëm méi wéi 700 Milliounen Euro, an dat all Joer.

Kommt, mir soen et kloer an däitlech: Eis momentan Iwwerschëss an der Sécurité sociale sinn, längerfristeg, eng zolidd verkappte Schold! All déi, déi haut sief et vun heiheim oder iwwert d'Grenzen hei am Land schaffen, hunn an zéng, 20 oder spéitstens 30 Joer och Urecht op eng Pensioon. Jo, an da wäerte mer keng Iwwerschëss méi an der Sozialversécherung hunn, ganz am Contraire. Mir berappen een deécken zousätzlechen Defizit, an deen, deen deet da richteg wéi.

Et ass duerfir net vun ongeféier, dass mir vun all internationaler Organisatioun, dem Weltwährungsfong, also dem mëttlerweil beschtekannten FMI - wann och weinst aneren Affären -, der OCDE vu Paräis, jo och vun der Bréisseler Kommissioun, schonns quasi gebietsmillenaardeg ëmmer nees gesot kréien: „Äert Zil muss net een Nulldefizit no Maastricht sinn, mä mëttelfristeg musst Dir een Iwwerschoss vu minimum engem hallwe Prozent Bruttoinlandsprodukt hunn an Äre gesamt öffentleche Finanzen. Anescht kënnt Dir Är verstoppete Renten- a Pensioonsschold op laang Siicht net méi finanzéieren.“

Déi laang Siicht, Dir Dammen an Dir Hären, ass 2024 bis 2030, also ganz relativ.

Ouni dat momentaant an zäitlech limitéiert Polster vun eise Sozialversécherungen hätte mir haut net en Defizit vun de gesamt öffentleche Finanzen no Maastricht vun 0,7%, mä vu ganzer 2,6%. Mir wieren dann haart un dem Maastricht-Limit.

Beim klaseschen Zentralstat kréie mir zënter 2008/2009 d'Enner net méi beieneen. Mir hunn elo schonns dräi Joer hannereneen een Defizit vu méi wéi enger Milliard Euro. 2012 kënnt nach eng Kéier eng déck Milliard derbäi.

Nun, wat sinn dann d'Ursaachen? Mä mir gi ganz einfach méi Suen aus, wéi mer der erakréien, an op d'laang Weil kann dat net opgoen!

Eis öffentlech Einnahme sinn iwwert déi lescht fënnef Joer um Niveau vun dem Zentralstat ëm 25% geklomm, déi öffentlech Ausgabe sinn dergéint ëm 41% gestigen. De Berechnunge vun der Handelskummer no sinn déi lafend Ausgabe vum Stat an der Period vun 2005 bis 2010 dräimol méi séier an d'Luucht gaange wéi an Däitschland. Dat ass duebel esou séier wéi an dem EU-Duerchschnëtt.

Dat heescht net, dass mir d'Sue méi schlecht ausginn hätte wéi eis Nopeschlänner. Ronn 80%, wann net méi, vun eisen öffentlechen Ausgabe si ganz einfach de Finanzement vu Gesetzter, déi mir iwwer Jorzéngten, iwwregens ënner verschidde Regierungen, hei an der Chamber gestëmmt hunn.

D'Ausgabe geschéien an der Regel am Interessi vun eise sozialen Zesummenhalt. Si gi gemaach zum Wuel vun der Entwécklung vun eise Land, heiheim an dobaussen, am Sënn vun der nationaler Wirtschaft.

Wat dann elo maachen, fir déi Saach erëm an d'Rei ze kréien?

Virun allem de Willen dofir. Zesummen. Am Dialog. Am beschten am Konsens. Eenzel budgetéiert Handwierksgeschr kann dobäi och hëlfe; zum Beispill nees erëm eng Budgets-

norm, vu ville Rapportere viru mir proposéiert. Si géif d'Uwuesse vun eisen öffentlechen Ausgaben iwwer méi Jore virzeechnen.

Dës Budgetsnorm géif baséieren op der Inflation, dem allgemenge Wirtschaftswuesstum, der Evolutioun vun de Steiereinnahmen, der Progressioun vun de Statsausgaben an den Nopeschlänner.

Mä loosse mir eis näischt virmaachen! Eng Budgetsnorm, en „zero-based budgeting“, eng Lof - dat kléngt alles gutt. Dat sinn awer keng Wonnermëttel, mä et ass derwäert, fir et ze probéieren.

Mir bräichten och generell eng besser Aschätzung vun den Eckdaten, déi eis Budgetpolitik bestëmmen. Eng besser Koordinatioun, méi Austausch tëschent den eenzelnen Acteuren.

Mir sinn e klengt Land. Mir kënnen eis et net leeschten, dass jiddweree seng eegen Zopp kacht. D'Politik kann de Bierger net all Dag mat aneren Zuele belageren. Dat bréngt Onrou, veronséichert de Konsument, schuet eiser nationaler Economie.

Et ass och sécher net einfach, a wirtschaftlech verréckten Zäite längerfristeg fiabel Aschätzungen ze maachen, mä trotzdem féieren Zuelen, soubal se public sinn, natierlech jee no Gefillslag, zu ganz ënnerschiddlechen Interpretatiounen. An de Sträit oder - fir dann haut fein ze bleiwen - d'Diskussioun si virprogramméiert.

Et ass net glécklech, wann de 5. Oktober e Statsbudget opgestallt gëtt, mat engem geschate Wirtschaftswuesstum fir 2012 vun 2,1% Bruttoinlandsprodukt. Den 18. Oktober, also knapp 14 Deeg duerno, kritt d'Finanzkommissioun vum Statec gesot, de Wirtschaftswuesstum léich awer viraussiichtlech nëmme bei 1 bis 2%, an de 24. November gëtt de Wirtschaftswuesstum fir 2012 dann op 1,4% vun dem Statec ageschat.

Mir brauchen ee bessert Zesummespill tëschent de Verwaltungen, dem Statec, der Cour des Comptes, der Zentralbank, wat d'Aschätzungen an d'Liesart vun de Wirtschaftsdaten ass.

D'Zuelen, wa se public gemaach ginn, müssen och an dee richteg Kontext gesat ginn. Schwaarzmolerei eleng bréngt do näischt.

Hätten dann opgrond vun den neie Wirtschaftsprognose mir net missen d'Zuelen an dem Budget änneren? 0,7% manner Wirtschaftswuesstum bedeite reng arithmetesch ronn 280 Milliounen Euro manner Steiereinnahmen.

Dës Rechnung wier richteg, wa mir eng reng mechanesch Verbindung hätten zu Lëtzebuerg tëschent Wirtschaftswuesstum a Steiereinnahmen. Mä deem ass awer net esou.

Fir d'Joer 2011 war de Budget opgestallt mat engem geschate Wirtschaftswuesstum vun 3,2%. De Statec seet elo 2% nach viraus, an awer dierften d'Steiereinnahmen um Enn vum Joer gréisstendeels déi si wéi ursprénglech ageschat.

Et gëtt och dozou eng Erklärung. D'Steieropkommes vun de Léin a Gehälter zum Beispill hängk vun der Entwécklung vun der Lounmass of. Dës gëtt, niewent der Unzuel vun neien Aarbechtsplazen, haaptsächlech duerch Gesetzer am öffentlechen Déngscht, Kollektivverträge am Privatsektor beaflosst, also gréisstendeels onofhängeg vun dem Wirtschaftswuesstum.

Souguer bei der Betribssteuer ass d'Relatioun Wirtschaftswuesstum-Steieropkommes net voll ginn. An engem bestëmmte Joer gi jo net nëmmen Avancé bezuelt, mä och eventuell Réckstänn aus vergaangene Joren.

Mä loosse mir awer net naiv sinn! Wann d'Kris nach Méinten oder méi laang sollt unhalen, da wäert dat och ouni Zweifel, mat oder ouni mechanesch Verbindung, säin Néierschlag an de Steuerrecetten hunn.

Aufgab vun der Politik ass et, mëttelfristeg ze denken. Mir kënnen duerfir net bei all Wirtschaftsprognosen d'Zuelen am Budget änneren. Dës musse mir an hirer Gesamtheit kucken.

Sollt sech deemno am Verlaf vum nächste Joer d'Situatioun weider verschlechteren, jo, da verbitt et Regierung a Parlament net, d'Budgetgesetz am Laf vum Joer gegebenenfalls ze amendéieren. Dat zielt um Niveau vun de Recetten. En Iwwerdenke vun den Ausgabe sollt an deem Fall net vu vireran ausgeschloss ginn.

Här President, déi öffentlech Schold an d'Statsgarantien. Aschätzungen hin, Previsiounen hier, et ass eleng d'Resultat, wat hanner erauskënnt, wat zielt, an do hu mir nun emol beim klaseschen Zentralstat een zolitten Defizit.

Wat geschitt dann, wa mir net handeln? D'Äntwert ass: en Uwuesse vun eiser öffentlecher Schold. Dës läit de Moment bei 7,77 Milliarden Euro, dat si ronn 18% vun eise Bruttoinlandsprodukt. Verhältnisméisseg niddreg.

Mir sinn domat, no Estland, déi Zweetbescht an Europa. Mir leien däitlech ënnert der Maas-tricht-Grenz vun enger Maximalverscholdung vu 60%, mä bis dohin dierfe mir guer net kommen.

Mir sinn e klengt Land. Engem Verscholdungs-sog resistéiere mir vill manner laang wéi grouss national Economien. Derzou kënnt, op mëttelfristeg Siicht, déi verstoppete Schold vun eise Pensionssystem. D'Bäitragzueler vun haut sinn d'Pensionnaire vu muer.

Eis öffentlech Schold ass och zimlech konterbont gestréckt. Si begräift ronn eng Milliard Gemengeschild grad wéi nach 1,3 Milliarde Schold aus der Rettung vun der BGL BNP Paribas. Mä hei huet de Stat als Géigepart eng Bedeelegung am Kapital. Eis Bedeelegung an dem Europäesche Rettungsfong, dem sougenannten FESF, dee sech zum Deel mat Emprunté finanzéiert, schléit am Bilan vun eiser öffentlecher Schold mat ronn 30 Milliounen Euro zu Buch. D'Verschöndung vun dem eigentleche Stat ass also duerchaus rasonabel.

Politesch responsabel solle mir och weiderhi mat eiser Schold ëmgoen. Dës bréngt och méi, wéi eng Scholdegrenz an eiser Verfassung anzeschreiwen, wéi dat an eenzelnen Nopeschlänner de Fall ass. Mä esou ganz ondifferenziert dierfe mir eis Statsschold dann awer net kucken. Mir hunn och substanzuell Statsgarantié lafen. Dozou zielen zwou Milliarde fir den Europäesche Rettungsfong.

Een A musse mir awer och op d'Garantien halen, déi eist Land - niewent Frankräich an der Belsch - ginn huet am Kontext vun der Restrukturierung vum Bankegrupp Dexia. Mir hunn zwou Garantie ginn: Eng staamt aus dem Joer 2008, wou den Encours - dat heescht, wat nach opsteet - de Moment nach ronn 877 Milliounen Euro bedréit. Derzou kënnt nach eng Garantie vun 2,7 Milliarden, déi d'Joer 2031 ausleeft. Dës Garantie ass vum Oktober dës Joer un iwwer e Règlement grand-ducal gelaf. Si gëtt duerch déi sougenannten „loi budgétaire“ elo gesetzlech verankert.

D'Garantié fir den FESF an d'Dexia belafe sech dann insgesamt op 5,60 Milliarden Euro. Dat sinn 13% vun eise Bruttoinlandsprodukt. Wann do eppes sollt schlafafen, hätt dat natierlech en zolitten Afloss op d'Finanzsituatioun vun dem Lëtzeburger Stat.

Här President, dat erkläertent Zil vun der Regierung war et, bis 2014 eis gesamt öffentlech Finanzen an den Équilibre ze kréien. Et ass also ëm déi Zuelen, wou et geet, am Hannergrond natierlech vun der allgemenger wirtschaftlecher Situatioun. Fir d'Enner beieneenzekréien, musse mir méi Suen erakréie respektiv der manner ausginn. Erreche kënnen mir dat am beschten, wa mir op deene grouse Bléck vun Einnahmen, mä och vläicht - oder virun allem - op der Ausgabesäit agéieren.

Dat ass net ëmmer eng ganz einfach Saach. Dat allermeescht berout op engem fest verankerte gesetzleche Regelwierk. Et kann ee Schrauwen dréien, ouni dierfen awer dee ganze System duerjerneenzebréngen. Eng delikat Aufgab, net nëmme politesch, besonnesch a méi schwéieren Zäiten! Mä mir dierfen duerfir awer net de Kapp an de Sand strecken.

Eis Aufgab ass et, zesummen am Interessi vu Land a Leit elo d'Weichen ze stellen, fir dass d'Rechnung, besser gesot de Budget, an e puer Joer och nach opgeet. Méi genee agéiere kënnen mir bei eise Steiereinnahmen, de Sozialausgaben an den Investitiionsausgaben, deenen dräi grouse Bléck am Statsbudget. De bescheidene Bäitrag vun dem Budgetsrapporteur beschränkt sech dorop, d'Zuelen ënnert d'Lupp ze huelen an e puer - eemol sief et erlaabt - eenzel méi perséinlech Gedanken unzeregen.

Här President, fir 2012 sinn am Budget Einnahme geplangt vun 10,6 Milliarden Euro. Dës kommen zu 98% vu Steiereinnahmen. Eis Steuerlandschaft, dat sief och emol eng Kéier gesot, ass allgemeng gutt gestréckt - kompetitiv am Verglach zum Ausland, ausgeglaach a puncto Verdeelee vun der Steuerlaascht heiheim.

Déi gesamt Steuerlaascht läit bei eis am Land zu 97% - 37%, pardon - op direkte Steieren, 32% op indirekte Steieren an 30% op Sozialbäitrag. Déi direkt Steieren huelen am Verglach zu 1984, also op eng Zäitspann vu 25 Joer, of. Déi indirekt Steieren huelen zou. D'Sozialbäitrag bleiwe gläich.

Mir hunn am internationale Verglach eng niddreg Laascht vun indirekte Steieren. Dat kënnt besonnesch duerch eisen TVA-Saz vu 15% an déi reduzéiert TVA-Sätz. Niewent Malta huet Lëtzebuerg déi niddregst TVA an der ganzer Europäescher Unioun.

Entgéint deem, wat geleeëntlech behaupt gëtt, ass d'Verdeelee vun der Steuerlaascht tëschent Betriber a Privatleit och relativ ausgeglaach: ee Verhältnis vun 53% fir d'Privatleit zu 47% fir d'Betriber. '85 war dat Verhältnis nach 60% zu

40%, zuongonschte vun de Privatleit. Déi verschidde Steuerreformen hunn also d'Privatleit, Här Statsminister, substanzuell entlaascht.

Fir e richteg Verglach ze hunn, kann een net nëmmen de Verlaf an der Zäit vun der Loun- an der Akommessteuer mat deem vun der Betribssteuer kucken. Et muss ee bei de Betriber och nach d'Gewerbsteuer an d'Vermögenssteuer derzouzielen. Déi zwou lescht Steiere maachen 2011 iwwer 900 Milliounen Euro aus.

De sougenannten „ouvrier moyen“ - eng international Norm, fir d'Steierlaascht ze präiwen - mat engem Joresverdéngscht zu Lëtzebuerg vun 52.000 US-Dollar, bestuet mat zwee Kanner, behält no Steieren a Sozialtransferte wéi Kannergeld, Steuerbonien, awer och Famillienzouwendungen, ronn 99% vu sengem Bruttoloun als Netto. Den duerchschnëttlechen OCDE-Wäert ass do 85%, an der Europäescher Unioun 83%.

D'Verdeelee vun der Steuerlaascht tëschent de Privatpersounen ass och sozial ofgefiedert. Breet Schëlleren droen do méi. An dat ass och gutt esou. 2,5% vun de Stéit hei am Land bezuele 37%, also méi wéi een Drëttel, vum gesamte Steueropkommes. 5% vun de Stéit bezuele ronn 50% vun der Akommes- a Lounsteuer, a 40% vun de Stéit bezuele keng Steieren. Eise Steiertarif ass wuel dach net dee schlechtesten!

Ee Regime vun enger sougenannter „flat tax“ mat zum Beispill dräi Tauxen: 15%, 25% a 35%, géif wuel vläicht méi modern ausgesinn. D'Steiererklärung kéint een dann och vläicht um Béierdeckel maachen, mä d'Steierlaascht wier méi ongerecht verdeelt. D'Steieropkommes wier manner grouss. Dat kënnen mir eis a Krisenzäiten och net leeschten.

Här President, et gëtt behaupt, d'Betriber, déi géifen zu Lëtzebuerg net vill Steiere bezuelen. Abee, de Stat kritt vun de Betriber ronn 1,5 Milliarde Kierperschaftssteuer, 15% vun de Gesamteinnahme vum Stat. Net vill Betriber am Land bezuele vill Steieren, mä e puer Betriber, dorënner eng Rei Finanzinstitute, déi bezuele richteg gutt. De Finanzsektor bezilt zwee Drëttel vun der Betribssteuer, eng Milliard pro Joer. 300 Milliounen Euro kommen eleng vun de sougenannten „SOPARFen“. Ee raffinierte Steuerregime, deen dem Land iwwert d'Joren awer scho vill Steiersuen abruecht huet!

Net ëmmer bedeite méi héich Steiersätz och méi Steiereinnahmen. Als klengt Land, wat vum Finanzsektor awer gutt leeft, musse mir gutt oppassen, wa mir un de Steierschrauwen dréie ginn. Mir däerfen eis Kompetitivitéit net op d'Spill setzen. Am Ausland, do schlofe se net. A Krisenzäite kënnen mir sécher keng Betribssteuer erfotzen. Mëttelfristeg ass et awer vläicht ze iwwerleeën, ob mir net sollen d'Besteuerungsbase verbreederen an den Taux e bësschen erfotzen. Den Trend op europäeschem Plang schéngt an déi Richtung ze goen.

D'Loun- an d'Akommessteuer, déi vun de Privatleit bezuelt gëtt, huet sech iwwert déi lescht zéng Joer méi wéi verduebelt: geschaten 3,3 Milliarden Euro fir d'Joer 2012. Dat ass bedéngt duerch eng gutt Entwécklung vun der Lounmass iwwert déi lescht Joren trotz wirtschaftlech méi ugespaanten Zäiten. Déi nei Aarbechtsplazen, déi geschafe ginn, adresséiere sech generell u méi héich qualifizéiert Leit. D'Gehalt, an deemno d'Lounsteuer, fält méi héich aus. 27% vun der gesamter Lounsteuer kommen aus dem öffentlechen Déngscht, ronn ee Véirel vum Finanz- an d'Assurancésektor.

Ee Wuert zu de sougenannte steuerlech begünstegte Sonderausgaben oder Abattementer. Graff gesot, et ass all dat, wat ee ka vun de Steieren ofsetzen. Niewent de Sozialbäitrag fallen dorënner besonnesch d'Scholdzënsen op Immobilien oder fir zum Beispill en Autoskaf, verschidden Assurancen, d'Bauspueren, d'Zousatzversécherung, déi ee privat mécht.

Insgesamt ginn iwwert dee Wee vun de Steuerabattementer a Sonderausgabe ronn 1,3 Milliarden Euro pro Joer steuerlech geltend gemaach. Mat engem duerchschnëttleche Steiersaz vun 20% heescht dat fir de Stat een „Steierausfall“ - entre guillemets - vu ronn 275 Milliounen Euro pro Joer.

Vun deenen Abattementer profitéiert just deen, dee Steiere bezilt. Ass dat versteierlecht Akommes méi héich, ass de Steiergewinn och méi héich. E Stot mat zwee Kanner an engem Bruttoakommes pro Joer vu 50.000 Euro profitéiert vun der steuerlecher Ofsetzbarkeet vu Scholdzënsen, Assurancen, Bausparverträge - wann d'Leit déi dann nach kënnen maachen - ëm ronn 2.200 Euro. De Steierbenefiss fir e Stot mat engem Bruttoakommes vun 125.000 Euro pro Joer oder méi ass dergéint 5.800 Euro.



Een, dee keng Steiere bezilt, huet näischt dovun. Mä och dee Mann oder déi Fra muss hir Autoshaftpflicht bezuelen! Ass dat sozial gerecht? Et schéngt wuel ganz schwiereg ze sinn, eenzel Abattementer ofzeschaffen. Dat ass och politesch delikat.

Eenzel Wirtschaftszweiger profitéieren natierlech dovun, fir hir Produkter un de Mann oder d'Fra ze bréngen. D'Reklamme vu moies, mëttes an owes um Radio dierfte wuel kengem ze entgoen. Mä ass et richtig, dass een eng RC-Chasse, also eng Haftpflichtversicherung vun engem Jeeër - an dobäi hunn ech guer näischt géint déi Leit -, steierlech ka geltend maachen an esou, bei engem gudde Verdénger, d'Allgemengheet dovunner ronn 40% vun der Prime bezilt? - Jiddweree mécht do seng Analys.

De Montant vun den Abattementer ass mérendeels (veuillez lire: gréisstendeels) zënter 1990 net méi ugepasst ginn. De finanziellen Impakt fir de Stat geet doduerch natierlech erof. Eng generell Evaluatioun vun de verschiddene Steierabattementer, wéi iwwregens och an dem Regierungsprogramm ugeduecht, schéngt ubruecht.

Ee steierlech net manner därengen Dossier war viru sechs Joer d'Afëierung vun der sougenannter Quellesteier vun 10% op de Spuerprodukter. D'Opreegung vun deemools, et wier eng Attack géint de Klengspuerer, huet sech nawell schnell geluecht. D'Fro - awer just, fir unzedenken - ass déi, ob een net den Taux vun der Quellesteier vun 10% op 15% an d'Luucht kéint setzen an zur gläicher Zäit och op d'Dividenden eng Quellesteier vu 15% sollt afëieren?

D'Zësen an d'Dividende géifen no deemselwechten a virun allem einfache System besteiert ginn. Et wier - awer nëmmen, fir unzedenken - vläicht an ugespaanten Zäiten eng Méiglechkeet, fir - ouni allze vill wéizeden - e puer Milliounen Euro méi an d'Statskeess ze kréien.

Ech ginn lech ee Beispill, ee ronnt: Fir eng Privatpersoun, en „Klengspuerer“, mat 200.000 Euro Spuerenlagen zu 2% Verzënsung géif et bei enger Quellesteier vu 15% amplat vu 10% e Plus vun 200 Euro Steiere pro Joer méi bedeuten. Fir de Stat wier et e Plus u Recettë vu ronn 20 Milliounen Euro d'Joer.

Här President, an ugespaanten Zäite gëtt regelméisseg gefuerdert, et sollt een d'Vermögenssteuer nees afëieren. D'Vermögenssteuer war 2006, iwwregens an der Konterpartie zur Quellesteier op de Spuerzënsen fir d'Privatleit, ofgeschafft ginn. D'Vermögenssteuer besteet nach fir d'Beträber a bréngt dem Stat 230 Milliounen Euro pro Joer. D'Neesafëiere vun der Vermögenssteuer ass awer e rechtlich delikaten Exercise.

D'Bewäertung vun den Immobiliën geet op d'Joer 1941 zrëck, an do stelle sech nawell eng etlech Froen, och verfassungsrechtlicher Natur. D'Relatioun vun den Immobiliëwäerter, wéi se an der Krichszäit festgeluecht gouf, an de reelle Wäerter vun haut stëmmt net méi iwwereneen. Dëst zielt iwwregens och fir d'Grundsteuer. Eng total ridicule Gesamteinnahm fir d'Gemenge vun 30 Milliounen Euro d'Joer. Manner wéi d'Halschent vun der Autosteier! Wëllt ee mat deem aktuelle System weiderfueren, mä da kënnt een net laanscht eng Neibewäertung vun den Immobilien. Dat ass een net onwesentleche Verwaltungspowand. D'Zilführung ass dobäi och nach net onbedéngt schlëssleg.

Eng aner Méiglechkeet - awer nëmmen, fir unzedenken - wier, landeswäit e Referenzwäert pro Meter carré fir Terrain festzeleeën, mat der Differenz, ob den Terrain bannent oder baussent dem Perimeter géif leien. Dës Referenzwäert géif da mat engem Gemengenhebesatz multiplizéiert ginn. Bei Haiser oder Betriebsgebäier géif een de Referenzwäert op de Meter carré brutto Wunn- oder Notzfläch festleeën an och do mat engem Gemengenhebesatz multiplizéieren.

D'Basis wier jiddefalls landeswäit ëmmer nees de Meter carré als Unitéit. D'Differenz géif eleng duerch d'Lag vum Terrain, bannent oder baussent dem Perimeter, an dem kommunalen Hebesatz kommen.

De Gesetzgeber kéint och nach eng Forschett festleeën, tëschent där de Gemengenhebesatz sech kéint bewegen, fir eventuell Abusen ze verhënneren. Esou ee System gëtt a verschiddenen däitsche Bundesländer och schonn ausgeschafft. E Berechnungsbeispill ass am schrëftleche Rapport opgefouert.

Här President, zënter den 90er Jore kënnt déi gréisste Steiereinnahm aus de Recettë vun der TVA. E gudden Deel vun der TVA-Recette steet awer op wackelege Féiss. Fir 2012 stinn d'TVA-

Recettë fir geschate 27% vun de Gesamteinnahme vum Stat, ronn 2,9 Milliarden Euro. D'TVA-Recette huet sech iwwert déi lescht zéng Joer méi wéi verduebelt. Explikatiounen sinn dee relativ héije Wirtschaftswuesstum, mä virun allem d'TVA um elektronischen Handel. De sougenannte Commerce électronique bréngt 2011 508 Milliounen Euro un TVA-Recetten, fir 2012 souguer geschate 572 Milliounen Euro.

Iwwer 5% vun de Gesamteinnahme vum Lëtzebuerger Stat komme vun dem Commerce électronique. Als Gréisstenuerdnung, bal den Equivalent vun dem gesamte Käschtepunkt vun dem Beschäftigungsfong. Fir all elektronesch Verkaufsoperatioun, déi iwwer Lëtzebuerg leeft, fällt d'TVA hei am Land un an net do, wou verkauft gëtt. Eng Nisch aus engem europäesche Regelwierk, déi mir trotzdeem, zumindest soulaang et se nach gëtt, ausnotzen. Dës Regime leeft no enger Iwwergangszäit vun 2015 bis 2018 leider aus.

Nun - nëmmen, fir nozedenken -, als Fro an net als Propos: Wat géif dat da bedeuten, dës Verloscht? Ëmmerhin e Véirel vun onse gesamten TVA-Recetten! Am Kloertext: Mir missten net nëmmen den normalen TVA-Saz vun elo 15% op 18% eropsetzen, mä och zousätzlech all reduzierten TVA-Saz vun elo 3% op de Kannereschong, den lesswueren, dem Restaurant, dem Bau, fir nëmmen déi ze nennen, op 6% an d'Luucht setzen.

Här President, vill Gespréich gëtt et am Moment a puncto Fiskaliteit am Immobiliensektor. E Renner: d'TVA vun 3% am Bau. Zënter 2002 ass d'Regel do een Direktapplizéiere vun dem reduzierten TVA-Saz vun 3% amplat vu 15%. De Stat huet hei op insgesamt 1,1 Milliarde Steiereinnahmen zugonschte vu ronn 352.000 Untragssteller verzicht.

Verzichte mécht den Enregistrement a mir all als Bierger awer net gären op déi sougenannten „TVA irrécouvrable“. Dat ass d'TVA, déi zwar geschëllt ass, an der Regel och vum Endverbraucher bezuelt ass, mä net un de Stat ofgefouert gouf. Schuld ass of d'Faillite vun enger Entreprise. Geschate kumuléierte Gesamtausfall fir de Stat: 687 Milliounen Euro!

Här President, d'Taxe d'abonnement ass eng Steuer, déi vun der Investmentfongenindustrie bezuelt gëtt. Geschate 630 Milliounen Euro fir 2011 an 2012, ëmmerhin tëschent 6 a 7% vun eise Stateinnahmen. Dës Recette ass ganz volatil, si schwankt, si ass virun allem net krisefest. Ginn d'Bourssen erof, kréie mir manner eran. Fir een Euro - ech widderhuelen: een Euro - Taxe d'abonnement eranzekréien, brauche mir de Moment ronn 14.000 Euro Avoiren an engem Fong! Eleng dee Chiffer ënnersträicht, wat fir eng Onmass vu Suen - am positive Sënn - d'Fongenindustrie op Lëtzebuerg bréngt, de Moment iwwer 2.000 Milliarden Euro!

Här President, eng weider Stateinnahm, déi op wackelege Féiss steet: eis Akzisen um Bënsin, de sougenannten Tanktourismus. D'Tanken, an zwar d'Bënsintanken, ass zwar keen Deel vun der Tourismusbranche, mä dat Tanke bréngt - ech preziséieren, budgetär, a wëll net mëssverstane ginn - dem Land ronn eng Milliard Akzisen d'Joer! Dat si bal 10% vun eise Statsbudget. Dat ass de Géigewäert vu sämtlechen Familienzoulagen, déi iwwert d'Joer vum Stat bezuelt ginn. Derbäi kommen nach eng Käier ronn 300 Milliounen Euro TVA-Einnahmen.

Mir sinn eis eens, dës Steiereinnahm ass net nohalteg, weder am richtigen nach am iwwerdroene Sënn. Et ass och keng Netto-Recette. D'Basis vun dëser Einnahm, de Spritverbrauch, mat der verbonnener CO₂-Emissioun, spigelt sech negativ an eiser Kyoto-Bilanz erëm. Mä reng budgetär ass dës Recette de Moment net ersatzlos sträichbar.

Firwat hu mer eigentlech déi grouss Recette? Mä well bei eis de Sprit méi bëlleg ass. Net well mir méi Bënsin an Diesel méi bëlleg akafen, mä mir froen dorop virun allem manner Taxen. Niewent de Résidentë gëtt vun de Grenzgänger an de Vakanztouristen hei getankt. Vun all Liter Bënsin kritt de Stat 46 Cent, vun all Liter Diesel 33 Cent de Moment. Dës Sue flëssen zum Deel an de Kyoto-Fong an an de Beschäftigungsfong.

Bënsin gëtt all Joers manner getankt: 2011 bal nëmme méi d'Halschent vum Joer 2000. De Verbrauch vum Diesel stagnéiert zënter 2005. Budgetär si mir um Maximum ukomm. Schloe mir méi héich Taxen op de Sprit drop, gëtt d'Differenz vum Präis mam Ausland méi kleng, et komme manner Leit tanken, an d'Einnahm gëtt méi kleng. Hätte mir deeselwechte Präis um Diesel a Bënsin wéi d'Bëlsch, wieren dat fir eis 150 bis 180 Milliounen Euro Einnahme pro Joer manner.

Här President, ech wollt dat Beispill ginn, fir ze ënnersträichen, wéi ufalleg eis Recette - wéi gesot, 10% vun onsem Statsbudget - ass. Mir

kënne budgetär dës Recette net ersatzlos sträichen. Mir sollten awer mëttelfristeg net weider mat dëser Recette plangen.

All Elenggank um Niveau vun engem vläicht gutt gemengten zolitten Erhéije vun den Taxen riskéiert, budgetär kontraproduktiv ze sinn. Eng gemeinsam concertéiert Aktioun mat den Nopeschläner, d'Akzise liicht unzehiewen, kéint - just, fir unzedenken - e Wee vun enger zousätzlecher Recette sinn.

A wéi steet et da mat den Taxen vum Tubak? Dat si 530 Milliounen Euro d'Joer. Dozou 130 Milliounen Euro TVA. D'Antifëmm-Politik huet schonns hir Wierkung! Den Zigarettkonsum ass ëm ronn een Drëttel zënter 2000 erofgaangen, mä de Kaf an de Verkauf vu lassenem Tubak geet dergéint ëm 30% vun 2000 bis 2010 an d'Luucht. Dat ass op d'Veerdeiere vun den Zigarettpräisser zrëckzefëieren. Deier Präisser bei den Zigarett reduzéieren de Konsum.

D'Recettë fir de Stat bleiwe bis zu engem gewëssene Mooss awer gläich, well méi héich Präisser och méi Akzisen an TVA bréngen. 85% vum Zigarettverkauf hei am Land geet un Netrésidenten, dovunner ronn 85% un d'Frontalieren. De Punkt, wéi wäit ee mat der Erhéijung vum Zigarettpräis geet, deen ass schwéier anzuschätzen. D'Beispill vun den nordeschen Länner mat ganz héijen Taxen um Alkohol an um Tubak huet gewisen, dass dann de Risiko vu Schmuggel, Schwaarzhandel a Fälschung wiisst.

Här President, Enn 2006 war et d'Reform vun der Autosteier. Fënnf Joer duerno - Zäit, fir e klenge Bilan ze maachen aus budgetärer Siicht. D'Autosteier bréngt 2012 geschate 67 Milliounen Euro. Dat ass eppes méi wéi dat Duebelt vum Joer 2006, also dem Joer virun der Reform. Längerfristeg dierft d'Recette vun der Autosteier awer erëm erofgoen. Firwat? Mä eisen Automobilspark erneiert sech schnell. D'Leit kafen zu Lëtzebuerg méi oft en neien Auto wéi am Ausland. Déi nei Autoen hu reduziéiert CO₂-Emissionen, wat gutt ass. An esou wäert d'Steierrecette fir de Stat a fënnf bis sechs Joer erëm ënnert dem Wäert vun 2006 leien.

Et kënnt derbäi, dass de Moment op ronn 25.000 Autoen manner wéi 50 Euro Autosteier pro Joer ze bezuelen ass. Weider 91.000 Dieselautoen, wou d'Autosteier zwar méi wéi 50 Euro d'Joer ass, kréien eng Ermäsegung, also eng Subventioun - dat gesitt Der alleguerten op Äre Kaarten - vu 50 Euro, well se ee Partikelfilter hunn. Mä all Dieselauto, dee muss hei am Land e Partikel (veuillez lire: Partikelfilter) hunn, well soss kann e guer net zu Sandweiler ugemellt ginn. Géif de Stat dës Partikelfiltersubventioun sträichen an eng Mindesttax op all Auto vu 50 Euro afëieren, esou wier dat e Plus vu ronn fënnf bis sechs Milliounen Euro Steierrecetten d'Joer méi. Wéi gesot, nëmmen, fir unzedenken.

Här President, Steiergerechtegkeet heescht och...

(Interruptions diverses)

Steiergerechtegkeet heescht och en ugepassent Andréiwe vun der Steierschuld. Dat zielt ëmsou méi an ugespaanten Zäiten! Et wier duerfir ubruecht, dass eis Steierverwaltunge personalméisseg géifen opgestockt ginn, fir méi effektiv Kontrollen ze maachen. An dem Kontext sollt een a Rou d'Ëmsetze vun deenen exzellente Recommendationen, déi 1997 an dem Rapport Krecké iwwert d'Steierhannerzëiung gemaach goufen, evaluéieren.

(Interruptions diverses)

Manner Steierbedruch ass och méi Steiergerechtegkeet!

(Interruptions diverses)

Här President, mat Commerce électronique, Tanktourismus an zum Deel Taxe d'abonnement stinn 2,5 Milliarden oder bal 25% vun eise Stateinnahmen deelweis op wackelege Féiss! Eise Steiersystem erlaabt dergéint - wéi virun e puer Pisten opgezeechent - ee gewëssene Spütt. Un der Politik, fir a Rou, am Kontext vun enger Kris, mä och vläicht doriwwer eraus, iwwert d'Vir- an d'Nodeeler vun där enger oder där anerer Pist nozedenken.

Här President, zu de Sozialausgaben vum Stat. E gesonden Équilibre vun de Statsfinanze schafen heescht, e Bléck op d'Steierrecetten ze hunn, mä och déi staatlech Ausgaben ze hannerfroen! Am décke Budgetsbuch ass dat eng laang Lëscht vu Kreditter, verdeelt op méi wéi 500 Säiten. Déi Haaptbléck sinn d'Sozialausgaben an d'Investitiionsausgaben. Zesumme maache si wäit méi wéi d'Halschent vun de Gesamtausgaben aus.

De Statsminister sot den 29. Juli 2009 an der Regierungserklärung: „Och d'Sozialpolitik muss d'Gesetz vun der Nohaltegkeet respektéieren. Mir garantéieren de Sozialstat haut. Mir wëllen en Öfséchere fir déi, déi muer dervu wëllen a solle kënne profitéieren. Sozial ass, wat d'Mën-

sche sech haut a muer kënne leeschten. Onsozial ass et, d'Leeschtinge vun haut esou wäit an d'Luucht ze drécken, dass déi Generatioun, déi no eis kënnt, se net méi finanzéiere kann. Nohalteg ass net nëmmen, wat haut opgeet, ma wat muer an iwwermuer Bestand huet.“

D'Sozialtransferten an d'Familienzoulage belafe sech op ronn 35% vun de Statsausgaben: 1,3 Milliarde staatlech Bedeelegung un der Pensiounskeess, 850 Milliounen Euro Bedeelegung un der Krankeversicherung, 175 Milliounen Euro un der Fleegeversicherung, eng Milliard un de Familienzoulagen an 190 Milliounen um RMG an un der Deierechtzoulage.

Zu eise Pensiounen. Reng budgetär gesi geet et eise Pensiounssystem de Moment eigentlech gutt: een Iwwerschoss vun enger Milliard am Joer 2010, eng Reserv vun zéng Milliarden - 3,9-mol de järeliche Leeschtingen -, an dat, am internationale Vergläich, bei engem niddrege Cotisationsstaux, engem niddregen effektive Pensionsalter an héich Leeschtingen.

Mä laangfristeg, an dat bescheinegen eis all d'Experten, national an international, geet ouni Adaptatioun d'Rechnung net méi op! Souguer e Wirtschaftswuesstum vu 4% pro Joer geet net duer, fir laangfristeg de System am Équilibre ze halen. Zum Verglach: Dëst Joer ass eise Wirtschaftswuesstum 2%, d'nächst Joer viraussichtlech manner. Mir kënnen eis do dréien a kéieren, mä d'Demografie, déi mécht einfach net mat!

Virun 100 Joer ware 6% vun de Leit méi al wéi 65 Joer. Haut sinn et 14%. 1910 war d'Halschent vun de Leit ënner 25 Joer. Haut ass knapps een Drëttel manner al wéi 25. All déi, déi haut heiheem an iwwert d'Grenzen daper Cotisations bezuelen, hunn an zéng, 20, 30 a méi Joer Recht op Leeschtingen. Mir mussen also nohalteg handelen, well wa mer näischt maachen, da gëtt den Applaus vun haut de Päifconcert vu muer, fir an de Wieder vun eise Statsminister ze bliwen.

Dat heescht net un enger Schrauf ze dréien. Der Zentralbank no géif d'Ofschafe vun dem Ajustement de Problem schonns zergutt léisen. Et sollt villméi en équilibréiert Gesamtwierk sinn, wou am Interessi vun dem intergeneratiounelle Gläichgewicht a vun eiser sozialer Kohäsioun déi meescht sech dran erëmfannen. D'Grundprinzipië vun eise Pensiounssystem sollen dobäi net op d'Kopp gehäit ginn. Mä mir hu besser, mir maachen elo eis Hausaufgab, wéi wa mer se vu baussen opgedrängt kréien. Beispiller dofir gëtt et der jo an der Aktualitéit genuch!

Här President, 10% vun eise lafende staatlechen Ausgabe si Familjebäihëllefen. Eppes méi also wéi eng Milliard, verdeelt op ronn 624 Milliounen Euro Kannergeld, 212 Milliounen Kannerboni, 180 Milliounen Leeschtinge wéi Gebuerenzoulage, Zoulage fir d'Schoulrentrée, d'Mammerent, de Congé parental. All dës Leeschtinge si gesetzlech verankert. Ee kritt wéi deen aner, an der Regel onofhängeg vu senger Akommes- a Vermégenssituatioun.

D'Fro ass déi, ob een dat esou viruféiert, oder d'Leeschtinge méi sozial selektiv asetzt. Sozial selektiv heescht net soziale Kahlschlag! Sozial selektiv heescht, verstärkt do ënnert d'Äerm ze gräifen, wou et néideg ass. An der Konterpartie d'Leeschtingen no ënne schrauwen, wou et net esou néideg ass: bei Familje mat héijem Akommes.

Eng méi grouss sozial Selektivitéit vun de Sozialleeschtinge gëtt an dem Regierungsprogramm ugestriift. Si gëtt vun enger Rei Acteuren, dorënner de Wirtschafts- a Sozialrot, ausdrécklech ënnerstëtzt. Verschide Beruffschamberen, esou d'Handelskummer, d'Handwerkschamber, setze sech an hirem Budgetsavis och mat der Fro ausereneen; si maache konkret Léisungsvirschléi.

Sozial Experten, esou am Sozial-Almanach 2011 vun der Caritas, ënnersträichen déi wichteg Roll vun de Sozialtransferten am Kontext vun der Bekämpfung vun der Aarmut hei zu Lëtzebuerg. Jo, déi gëtt et och hei! 14,5% vun de Leit liewen dem Statoc no ënnert der Armutsgrenz, festgesat op 60% vun dem sougenannten „revenu médian“. Dat ass keen eegent Lëtzebuerger Mooss, et ass eng international Norm.

D'Armutsgrenz bei engem Stot vun zwee Kanner louch 2010 hei am Land bei 3.300 Euro, bei enger eenzelner Persoun bei ronn 1.600 Euro, bei engem Elengerzéier mat engem Kand bei ronn 2.100 Euro. De Risiko, fir ënnert d'Armutsgrenz ze falen, ass am gréisste bei Leit mat Kanner. Ouni Sozialleeschtinge géife ronn 28% vun de Leit ënnert der Armutsgrenz liewen.

D'Propos vun de Sozial Experten - a Richtung méi Selektivitéit - ass duerfir, verstärkt dem Facteur Kand an de Sozialleeschtinge Rechnung ze droen, fir dee betroune Stot iwwert



d'Grenz vun dem Aarmutrisiko ze hiewen. Hei gëtt och ënnerstrach, d'Sozialleeschtinge fir mannerbemëttelt Stéit an hirer Gesamtheit ze gesinn. Et däreft ee keng kontraproduktiv Effekter schafen, andeems een, doduerch, dass een op där enger Säit bäigëtt, op där anerer Säit den Zougank zu méiglechen Hëllef verspärt.

Am Géigenzuch kéint un den Zouwendunge fir Famillje mat héijem Akommes gespuert ginn. Wéi dat Offiedere vun de Familljenzoulagen ab engem gewëssen Akommes geschitt, ass u sech zweetrange. Eng méiglech Pist - awer just, fir unzedenken - wier zum Beispill en Offiederen ab dem Plafond cotisable. Een anere Wee wier d'Besteuerung, zum Beispill als Revenu extraordinaire, mat der Halschent oder engem Véierel vum globale Steiertaux; dat wieren da bei Spëtzeverdénger 20% respektiv 10% Familljenzoulag manner.

D'Familljenzoulage maachen eng Milliard Euro, 10% vun eiselem Statsbudget, aus. An Zäite vu méi ugespaanten öffentleche Finanzen sollt et keen Tabu sinn, iwwer méi sozial Selektivitéit an deem Beräich nozedenken.

Här President, nach e Wuert zu de Chèques-services. Käschtepunkt fir 2012: geschaten 223 Milliounen Euro. D'Gesamtausgab fir d'Kannerbetreuung huet sech an deene leschte fënnf Joer verfënnfach.

Mä d'Gesamtausgab muss een an de richtege Kontext setzen: de Wëlle vun der Regierung, d'Kannerbetreuung méttelfristeg gratis ze maachen; d'Tripartitebeschlëss, fir d'Kannergeld net ze indexéieren an dofir an der Konterpartie Sachleeschtingen ze ginn; déi fréier Steiermoderation fir Kanner duerch de Kannersonus ze ersetzen - all Kand profitéiert dervun, an dat onofhängeg vun der Akommesituatioun vun den Elteren.

De System huet ouni Zweifel seng Preuvë gemaach: 77.000 Kanner tëschent null an zweielef Joer hunn op den 1. Januar dést Joer vun de Chèques-services profitéiert, 69% vun alle Kanner aus där Altersklass.

Zäit fir eng Evaluatioun: A méi ugespaanten Zäite sollt et och keen Tabu sinn, do, wou de System vun de Chèques-services vläicht dann awer ze generéis schéngt, verschidde Korrekturen unzëbréngen.

Fir komplett ze sinn, sief drop higewisen, dass d'Chambre des Salariés an hirem Avis zum Budget notéiert, dass Famillje mat Kanner tëschent zweielef an 18 Joer net vun de Chèques-services profitéieren. D'Kannergeld géif an där Alterskategorie zënter 2006 ee Verloscht vu ronn 13% opweisen, well et net méi un den Index gebonne wier.

Här President, kuerz zum Beschäftigungsfong. Fir 2012: geschaten Ausgabe vu 590 Milliounen Euro. 190 Milliounen Euro Chômageindemnitéiten, 59 Milliounen Euro fir d'Reklasséierungsmoosnamen a ronn 48 Milliounen Euro fir d'Beschäftigungsinitiativen.

D'Ausgabe riskéieren an der Zukunft nach méi an d'Luucht ze goen. Grond: zum Deel déi speziell Situatioun vun eiselem Aarbechtsmaart. De Chômage louch 2002 nach bei 2,6% vun der aktiver Bevëlkerung. Duerno geet en eigentlech permanent an d'Luucht. Haut läit e bei ronn 6%. Dobäi ass de Wirtschaftswuesstum mat Ausnahm vun 2008 an 2009 an d'Luucht gaangen. Et gouf eng permanent Progressioun vun der Beschäftigungszuel.

Experte kommen zur Konklusïoun, dass mir praktesch 6% Wirtschaftswuesstum bräichten, fir de Chômagetax signifikativ erofzedrécken. Dat ass eng strukturell Schwächt vum Lëtzebuerger Aarbechtsmarché.

Mir hunn eng Offer vun de Betriber, déi sech adresséiert u méi héich qualifizéiert Leit. Mir müssen eis Leit duerfir besser ausbilden a weiderbilden, fir där Demand gerecht ze ginn; der Jugend besser op d'Spréng hëllef, sech fir den Aarbechtsmaart ze qualifizéieren. Net nëmme fuerderen, dass d'Leit méi laang schaffe ginn, mä och d'Aarbechtsplazen am Alter garantéieren, d'Praxis vun de Reklassementer um Terrain iwwerpräiwen. Dat, wat mir doran investéieren, spuer mir - wann och nëmme deelweis - un den Ausgabe vun dem Beschäftigungsfong.

Här President, zu den Investitiionsausgabe vum Stat: Vum Stat gëtt et hei eng konjunkturënnerstëtzend Politik - si gëtt och verlaangt. Déi schléit sech natierlech op där anerer Säit am Defizit néier. Fir 2012 gesäit de Budget vun dem Zentralstat ronn 1,85 Milliarden Investisementen vir. Dat ass e gewaltege Chiffer. Deen héchsten Investitiionsvolumen, deen de Stat jee geplangt hat.

D'Regierung geet hei gewollt, mä konjunkturbedéngt vun hirer ursprénglecher Marschrout erof. Do huet de Finanzminister kloer dat bei der Budgetpresentatioun gesot. An der Regierungserklärung war nämlech festgehal, dass d'Investisementen 2010 nach eng kéier

aus Konjunkturgrënn sollte klammen. Mä et steet och geschriwwen, dass ab 2011 d'Investitiionsausgaben an eng Progressionslogik missten agewise ginn, déi dättelech no ënne géif goen.

2010 louchen d'Investitiionsausgabe bei 1,65 Milliarden, fir 2012 sinn nach eng kéier 200 Milliounen Euro méi geplangt.

Vum héijen Investitiionsvolumen profitéieren an éischter Linn eis Wirtschaft an eis Handwerksbetriber. Mä déi iwwer méi Joren héich öffentlech Investitiionsausgabe sinn och een Deel vun dem aktuelle Budgetsdefizit. Laangfristeg kann déi Progressioun vun den Investitiionsausgaben net an deem Mooss viruoen.

Zum Verglach: Tëscht 2001 an 2003 louchen d'Investitiionsausgabe bei enger Milliard, tëscht 2004 an 2008 bei ronn 1,3 Milliarden. 2011 an 2012 si mir bei iwwer 1,8 Milliarden ukomm, deemno ronn 500 Milliounen Euro oder 40% nach méi wéi virun dräi Joer.

Vun 2006 bis 2009 louchen déi öffentlech Investitiionsausgaben dättelech ënner 4% PIB, zënter 2010 zolidd iwwer 4%.

Déi direkt Investitiionsausgabe vum Stat verdeele sech haaptsächlech op de Bau vun administrativen Gebäier a Schoulen engersäits, op d'Verbesserung vum Stroossen- an Eisebunnnetz anerersäits. Jo, e moderat Land brauch modern Infrastrukturen: Mir brauchen gutt Schoulen, mir brauchen e performant öffentlech Verkéiersnetz. Dat ass en Deel vun enger kohärenter Landesplanung. Mä wa bis eng kéier décidéiert, dann däreft am Interessivum Land net alles duerno erëm torpedéiert ginn!

Wann d'Leit moies stonnelaang am Stau stinn, schuet dat eiser Ekonomie. Mir si gäre kompetitiv an den neie Kommunikationtechnologien. Mir brauchen duerfir déi richteg Dateréseauen. Ouni dat geet et net, an all dat huet natierlech säi Präis. Mä dee Präis muss mir och kënne laangfristeg bezuelen. Och beim Investéieren ass dat Deierst net ëmmer grad dat Bescht.

Vill Effortë goufen iwwert déi lescht Joren am Sënn vun enger méi effizienter Bautepolitik gemaach. De sougenannten „taux de réalisation“ vun eisen öffentleche Bauten - dat heescht, ob déi verplangte Suen och an deem Zäitplang verschafft ginn - huet sech wesentlech verbessert.

Mir mussen weiderhi präiwen, ob déi Präisser an déi Zäit, déi mir op Chantieren hei am Land verplangen, an der Linn leie vu vergläichbare Projeten am Ausland. Dat zielt fir d'Stroosseninfrastruktur, dat zielt fir d'Gebäier, mä och zum Beispill fir d'Kläranlagen. Well d'Avoire vun eisen Investitiionsfongen - wat zwar eng reng Kontabeloperatioun ass - sinn an deene leschte Joren dättelech erofgaangen. Ronn zwee Drëttel vun eisen Investitiionsausgaben am Stroossen- a Schinneberäich ginn haut schonn iwwer Emprunté finanziert.

Här President, kuerz zu de Gemeengefinanzen. D'Gemengen iwwerhuelen am Interessivum Land a Leit eng ganz Rei vu wichtege Aufgaben. Si entlaaschten domadder de Stat.

D'Lëscht vu Précoce, Maisons relais, Museksunterrecht, Jugendhaiser, Initiativen am Sozialberäich gëtt vu Joer zu Joer méi laang. An déi Aufgaben erleedegt een eben net zum Nulltarif. D'Verhältnis tëscht de lafende Gemengen- a Statseinnahme war uganks 2000 nach eent zu véier. Haut ass et op bal eent zu fënnf erofgaangen. An d'Aufgaben huelen, wéi gesot, permanent zou.

Et wier duerfir wëschenswäert, dass, wéi och scho vun enger Rei anere Budgetsrapporteure viru mir proposéiert, dës parallel Evolutioun vun de Recetten - wuelverstanen no ënne wéi no uewen - géif ëmgasat ginn.

Här President, de Montant vun den zilgebonnenen Zouwendunge vum Stat un d'Gemenge geet iwwert déi lescht Joren dergéint konstant an d'Luucht: insgesamt 199 Milliounen Euro am Joer 2005 an dést Joer 434 Milliounen Euro.

Här President, iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Reform vun de Gemeengefinanzen gëtt scho jorelaang diskutéiert. En Enn ass nach net a Siicht. Et ass och e politesch delikaten Exercice. Mä net nëmme!

D'Grondprinzipie vun eise Gemeengefinanzen sinn och emol guer net esou schlecht. De sougenannten „Peréquatiounsmechanismus“ - dat heescht, e Verdeele vun de staatlechen Zouwendungen no Awunnerzuel, Gemeengefläch an anerem - mécht, dass eng ganz Rei vu Gemengen iwwerhaapt kënne finanziell iwwerstoën.

D'Emverdeelung: Eng Rei Gemengen hunn zum Beispill grouss Industriezonen an domat verbonne jo och verschidde Chargen. Si kréien awer net vill eege Gewerbesteier, well d'Betriber an deenen Zonen net vill Steueropkommes hunn. De finanziellen Ureiz, fir klassesch Industriezonen ze schafen, ass duerfir landeswäit éischter limitéiert.

Dat ass awer a Kontradiktioun mat der Industrie- a Mëttelstandspolitik vun der Regierung. Bei Bürosgebaier mat Finanzdengschtleeschtingbetriber oder Satellitbedreier ass d'Rechnung natierlech do schonns eng ganz aner.

Et mécht duerfir wéineg Sënn, wéi vun Eenzelnen ugeduecht, d'Gewerbesteier strikt un d'Betriebssteuer unzelehnen a se där Gemeng zoukommen ze loosse, wou de Betrib etabléiert ass. Vun esou engem System géife just eng Handvoll Gemenge profitéieren, déi rentabel Dengschtleeschtingbetriber bei sech hätten.

Här President, de groussen Nodeel vun eise Gemeengefinanzen ass deen, dass si ausgeluecht sinn op eng Gemengellandschaft mat e puer groussen a ville klengen Gemengen. Eng Situation, wéi et se scho virun 30 Joer gouf, zum Deel mir se haut nach hunn. 74 vun 106 Gemengen hu manner wéi 3.000 Awunner. Mä d'Aufgabe vun de Gemenge sinn an der Zwëschenzäit gewuess. D'Erwaardunge vun de Bierger, landeswäit déiselwecht Dengschtleeschtingen ze kréien, gi légitimerweis méi grouss. Kleng Gemengen hunn awer net déi finanziell Méiglechkeeten, fir deem gerecht ze ginn.

Resultat: Nei Aufgabe verlaangen eng Neiuerrichtung vun eiser Gemengellandschaft, mat méi grousser Gemengen a méi finanzieller Mëttelen. D'Territorialreform an d'Reform vun de Gemeengefinanzen ginn deemno Hand an Hand.

Här President, e puer méi däreg Ausgaben awer ganz kuerz belicht:

Den öffentlechen Transport, geschate Käschtepunkt fir 2012: 712 Milliounen Euro. Een Drëttel dovunner, 239 Milliounen, fir den öffentleche Bustransport. Den RGTR: 127 Milliounen Euro, mat 44 Milliounen Fahrten.

D'Gehälter an der Fonctioun publique, Käschtepunkt 2,7 Milliarden Euro, ronn 20% vun den Ausgabe vun dem Zentralstat. Den Taux vun de Personalkäschte beim Stat ass zënter 2000 awer praktesch op de Prozent deeselwechte bliwwen. Am internationale Verglach ass deen Undeel vun de Personalkäschte relativ niddreg.

Den Enseignement, Käschtepunkt insgesamt fir 2012: 1,3 Milliarden Euro. Dovunner 130 Milliounen Euro staatlech Investissementsausgabe fir de Bau vu Lycéeën a Schoulen; Gehälter ronn eng Milliard.

Fuerschung: 280 Milliounen Euro, 0,66% vum Bruttoinlandsprodukt. Zil ass, méttelfristeg op 1% PIB eropzekommen.

De Logement: 125 Milliounen Euro, ronn 40 Milliounen Euro fir de Bau vun 150 neie Wunnnechten d'nächst Joer an 59 Milliounen Euro fir individuell Wunnengshëllef.

An zum Schluss d'Landwirtschaft an de Wäibau: 114 Milliounen Euro, ronn 1% vun de Statsausgaben.

Här President, ee Land mat Perspektiven. Eis Bankeplaz huet d'Kompetenzen, d'Fachwësse vun deene villen Dausende Beschäftegten. Mir si gewinnt, international ze schaffen. Eis Experienz an der Verméigensverwaltung kënne mir enger weltwäiter Clientèle ubidden. Mir müssen déi nei Clienten awer siche goen, déi néideg Promotioun maachen. E puer gudder Clienté bréngen eis heiansdo vill méi, wéi eng ganz Retsch quokeleger.

Och dobäi wäert Lëtzebuerg mam Bockfiel Lëtzebuerg bleiwen, a mir gi keen zweet Monaco.

Eis héich spezialiséiert Investmentfongenindustrie ass opgestallt fir nei Erausforderungen. Un der Politik, fir séier an iwwerluecht dem Secteur déi Instrumenter ze ginn, fir dass e sech weider kann entwéckelen. De Standuertvirdeel Lëtzebuerg muss mir notzen an ausbauen.

Mir si méisproocheg. Eise Bildungssystem muss mir awer optiméieren. Den Aarbechtsmaart heiheem muss déi Qualifikatiounen kréien, déi e brauch. Dat zielt fir den Dokter, den Afekot, den Ingenieur; et zielt awer virun allem fir gutt ausgebildeten Handwierker.

Mat der Fuerschung si mir um richtege Wee, vun der Biomedezin bis an de Weltall. D'Zesummenaarbecht tëscht öffentlechen a private Fuerschungsmëttelen, déi leeft och konkret. Si däreft roueg weider verdéiert ginn. D'Resultater vun eiser Fuerschung loosse sech weisen. Mir müssen hinnen no bause méi eng grouss Visibilitéit ginn.

Här President, zesumme Weiche stelle fir d'Zukunft. - Ech kommen zum Schluss. - D'Zäite virun Aen, mir müssen de Rimm méi enk schnallen. Net alles, wat mir gären hätten, kënne mir eis leeschten. Eis Statsfinanzen sinn am Kontext vun der wirtschaftlecher Konjunktur licht aus dem Rudder gelaf.

(Interruptions)

Eise Statsdefizit an eis öffentlech Scholdesituatioun sinn am Verglach zum Ausland nach duerchaus an der Rei. Mä mir sinn e klengt Land. Eis Eegemittel, där finanzieller an där anerer, sinn duerfir méi limitéiert. Mir därefen d'Maastricht-Parametere net ausreizen, net elo an net méi spéit. Mir müssen elo eis Hausaufgabe maachen, fir herno och nach gutt dozestoen. Déi elo um Rudder sinn, sinn deenen, déi elo nach d'Schoulbank drécken, dat schëlleg.

Um Rudder sinn net nëmme déi, déi haut de Mëtteg heibanne sinn. Mir müssen zesummen d'Marschrout virginn; hëllef muss dobausse jiddwereen esou gutt e kann.

Mir müssen a Rou, onopgereegt, mä entschlossen d'Strukture vun eiser Altersversuerung den demografesche Realitéiten upassen.

Mir müssen eis sozial a Familljeleeschtingen an der Gesamtentveloppe, déi zur Verfügung steet an net ëmmer méi déck ka ginn, esou strécken, dass se verstärkt deenen zeguttkommen, déi se brauchen, an do offiederen, wou d'Schellere méi breet sinn.

Mir müssen eis eens ginn, wat mir an Zukunft bauen a wéi mir bauen. Schoulen, eng modern Stroossen- a Schinneninfrastruktur hu Prioritéit. Alles kënne mir net hunn, och wa mir viles gären hätten. Déi konjunkturbedéngte Progressionslogik un den öffentlechen Ausgabe kënne mir net laang esou weiterféieren.

Eis Steuerrecetten iwwerstinn eng kuerzfristeg ofschwächend Konjunktur; längerfristeg, op méi Joren, geet dat awer net. Wann dës Zäite méi laang an den nächste Jore sollten unhalen, därefen och do Kriseninstrumenter keen Tabu sinn. An och dann zielt: Breet Schellere mussen méi breet droen.

Mir si keng Insel. Mir müssen an dësen Zäiten, grad wéi iwwerengs eis Noperen, der Realitéit awer an d'Ae kucken an d'Aerm eropstréppen. Mir müssen eis Virdeeler ausspillen, eis Chancen notzen. Mir müssen eis organisatoresch gutt opstellen, mir brauchen eng méi kohärent Landesplanung, erëm méi Politik vum klengen Dengschtwée. An all dat, jo, dat läit an eisen Hänn.

Mir brauchen duerfir keng Angscht ze hunn. Dës Zäit ass eng Erausforderung, fir eis besser opzestelle fir d'Zukunft. Zesummen an ouni ze vill Sträit geet dat am beschten.

Merci der Finanzkommissioun, déi mir bei mengem schréftleche Rapport vill Fräiheet gelooss huet. Merci all deene vu Verwaltung, Beruffschamberen a villen aneren, déi mech bei menger Aarbecht iwwert déi lescht Wochen ënnerstëtzt hunn, dem Marc Reiter an de Mataarbechter aus der CSV-Fraktioun am Speziellen. E grouss Merci och un d'Madame Carole Cloesner vun dem Chamberssekretariat. Merci fir Är Gedold an d'Nolauschteren!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Budgetsrapporteur, dem Här Gilles Roth. Muer um zwou Auer héiere mer den Exposé vum Finanzminister Luc Frieden.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 15.38 heures)



d'Chamber online op
www.chd.lu